Walfer Foto-Frënn

Clubzeitung

02|12



Henri da Cruz

Club News

1. Interne Concours

Fir eisen interne Concours, dee jo iwwer eng Zäitspan vun 2 Joer leeft a wou an Zukunft d'Fotoen sollen iwwer eis nei Homepage ausgewielt ginn, sinn elo d'Biller zum 2. Sujet (Nuetsfotografie) fälleg. D'Fouerzäit an déi méi laang Owender am September an Oktober bidden sech un fir nach gutt Biller zu dësem Sujet ze maachen, déi Dir eis dann w.e.g. mat an d'Versammlung vum 5. November 2012 bréngt.
Déi 2 nächst Sujet'en sinn „Liicht a Schied" déi Dir am Fréijoer 2013 sollt ofginn an duerno fir den Hierscht 2013 de Sujet „Déieren".

2. Ausstellung

Nodeems mir dat läscht Joer keng Ausstellung haten, ass et dëst Joer erëm un der Zäit dass mir eis an eis Fotoen dobaussen weisen. Eis Ausstellung, dëst Joer ouni Concours, ass vum 19. bis den 21. Oktober am Projektiounssall vum Centre Prince Henri. De Sujet ass fräi (sujet libre).

Jidderee vun Iech soll eis w.e.g. maximal 8 Fotoen an d'Versammlung vum 17. September matbréngen. An der Versammlung vum 1. Oktober siche mir dann zesummen déi bescht eraus, déi duerno an der Ausstellung gewise ginn. Well dëst jo kee Concours ass, weise mir vu jidder Member déi selwecht Zuel vu Fotoen. Mir baséieren eis dofir op d'Zuel vu Fotoen déi mir maximal ophänke kënnen an d'Zuel vun de Leit déi matmaachen.

3. Vollekslaf

Den traditionelle Walfer Vollekslaf ass e Sonndeg den 7. Oktober 2012, a mir sinn nees gefrot ginn fir de Reportage vun dësem Event ze maachen. Wann Dir interesséiert sidd fir als Fotograf matzemaachen, da mellt Iech w.e.g. beim Präsident oder beim Sekretär. All déi, déi um Reportage matschaffe wëllen, treffe sech den 1. Oktober 2012 um 19:00 Auer am Studio (virun der normaler Méindesversammlung) wou mir déi läscht Detailer matdeelen.

4. Programm bis Januar 2013

03.09.2012 Vakanzefotoen
Bréngt eng Selektioun vun äre beschte Fotoe mat, déi Dir während der Vakanz gemaach hutt. Mir kucken se zesummen an diskutéieren driwwer.

17.09.2012 Workshop „Panorama"
De Fernand Grasges vum Photoclub Ettelbréck hält e Workshop zum Sujet „Panorama".
WICHTEG:
Closing fir eis Ausstellung am Oktober: Bréngt w.e.g är Fotoë mat (maximal 8 Stéck), sujet libre.

01.10.2012 Selektioun vun de Fotoen fir eis Ausstellung
Mir sichen zesummen déi bescht Fotoen fir eis Ausstellung eraus. Et gëtt vu jidder Member déi selwecht Zuel vu Fotoen ausgewielt.

15.10.2012 Cadrage
Mir maachen d'Fotoen fir eis Ausstellung an d'Kaderen.

05.11.2012 Décadrage
Mir huelen d'Biller vun der Ausstellung nees aus de Kaderen eraus.

19.11.2012 Projektioun iwwer Südafrika
De Georges Schiltz weist eis Biller vu senger Rees a Südafrika, am Projektiounssall vum Centre Prince Henri zu Walfer.

03.12.2012 Fotobuch (alternativ: Fotokritik)
Mir kréien déi verschidde Formen a Versiounen vu Fotobicher virgestallt mat de Vir- an de Nodeeler vun deenen eenzelnen Ubidder.

17.12.2012 Potraiten a Retuschen
Mir maache Portraiten vun eise Memberen am Studio a retuschéieren dës direkt op eisem PC.

07.01.2013 Neijoersdagspatt
Mir bleiwen eiser laangjäreger Traditioun trei an ofréieren eise Memberen e Patt fir dat neit Joer.

21.01.2013 Fotokritik (alternativ: Fotobuch)
Un Hand vu Fotokritiken aus Zäitschréften, kucke mir op mir mat der Meenung vun de Redakteren averstan sinn oder net.

5. Foto-shooting am Studio

Läschte 15. Juli hat de Jean-Marie Ferber, Patron vun de bescht-bekannte « Salons Ferber » an aktive Member bei de Walfer Foto-Frënn, e Fotoshooting bei eis am Studio.

Eng ronn hallef Doze männlech a weiblech Modelen goufe vun engem ganzen Team vu Coiffeusen, Coiffeuren, Visagistinnen an aaneren helping hands fotogerecht gestylt a vum Alex Iberico, engem international bekannten Profi-Fotograf, am Bild festgehalen.


Mir haten dobäi d'Méigelechkeet, am Studio dobäi ze sinn an dat ganzt hautno ze erliewen. En etlech vun eise Memberen hunn dann och profitéiert, fir viirwëtzen ze kommen a sech live unzekucken, wéi esou e professionnelle Shooting ofleeft.

Dem Jean-Marie Ferber e grousse Merci, datt mer hunn däerfen dobäi sinn. Et war faszinant ze erliewen, wéi an de Chaos lues a lues Uerdnung koum a wéi den Alex dobäi am richtege Moment op de Knäppche gedréckt huet. Wäit iwwer dausend mol gëtt sech erzielt.

D'Fotoe vum Shooting fannt dir an dëser Clubzeitung.



















Impressum Impressum Impressum

Editeur: Walfer Foto-Frenn

Redaktioun:
Patrick Heller
Guy Rehlinger
Henri Da Cruz
Féliane Fischbach
Paul Provost
Luc Ramponi

Layout:
Luc Ramponi

Copyright: WFF 2012





Walferdange
Port Payé

PS/633

Editeur responsable:
Walfer Foto-Frënn
B.P. 72
L-7201 WALFERDANGE
www.wff.lu
info@wff.lu
Parution:Périodique